N°420
Entrée le 04.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.03.2024

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Am Moment huet een 2 Joer Zäit, fir seng bezuelten Dokteschrechnunge bei der CNS anzeschécken. Elo kann et eemol sinn, dass eng Rechnung verluer geet, oder dass een einfach gesondheetlech net méi esou fit ass (beispillsweis opgrond vu Krankheete wéi Demenz oder Alzheimer) oder seng Saachen heiansdo vertässelt. Virun allem bei Persounen, déi een Tuteur brauchen, kann et virkommen, dass dësen net agescheckte Rechnunge fënnt an d'Sue laut aktuellem Gesetz verluer sinn. A senger Äntwert op eng parlamentaresch Fro an dësem Kontext huet den deemolegen Här Minister eis ënnert anerem och erkläert, dass dëse Fall, vun engem ofgelafenem Delai, op 2-3 Rechnunge pro Mount zoutrëfft. Et ass also esou, dass eng grouss Majoritéit vun de Rechnungen, déi bei der CNS antreffen, e relativ kuerzen Delai tëschent Ausstellungsdatum an Areeche vun der Rechung opweisen. De genauen Detail bleift awer ze klären.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wat ass den duerchschnëttlechen Delai tëschent dem Ausstellungsdatum vun der Rechnung (oder der Prestatioun falls den Datum vun der Rechnung net erfaasst ginn ass) an dem Areeche bei der CNS (also net dem Zäitpunkt vum Remboursement)?

2. Wéi huet sech dësen duerchschnëttlechen Delai an de leschte 5 Joer (opgeschlësselt no Joren) entwéckelt?

3. Proportional betruecht, béi wéi ville Rechnungen, déi innerhalb vun 2 Joer bei der CNS antreffen, ass den Delai tëschent Prestatiouns- oder Rechnungsdatum an Agangsdatum innerhalb vun 3 Méint, vu 6 Méint, vun 9 Méint, vun 12 Méint, vu méi wéi 12 Méint?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten

www.piraten.lu